D'VULLEWELT VUM MUSÉE

An der Vullesammlung vum Nationalmusée fir Naturgeschicht zu Lëtzebuerg sinn ca. 3900 Exemplairë vun 1400 verschiddenen Aarten. Dat sinn ongeféier 14 % vun all den haut bekannte Vullenaarten. De Musée krut déi verschidde Vullen entweeder duerch Acquisitiounen oder duerch Schenkunge vu Privatleit wéi ë. a. dem Edouard Luja, dem Jules Saur an der Prinzessin Hilda von Schwarzenberg. E puer Exemplairë sinn aus dem 19. Joerhonnert an zum Deel nach an engem ganz gudden Zoustand. D'Kleng Rall (Porzana parva), déi 1850 bei Zéisseng gesammelt gouf, ass dat eelste Vullepreparat vum Musée, dat nach erhalen ass. Niewent dem historesche Wäert ass d'Sammlung och wëssenschaftlech interessant. Eng Schnéieil Bubo scandiacus, déi 1857 bei Koplescht geschoss gouf, an zwou Duebel Bekassinnen, déi 1908 bei der Cap an 1909 bei Rued-Sir erluecht goufen, sinn déi eenzeg Beleeger vun dësen zwou Aarte fir Lëtzebuerg. Naturhistoresch Muséeën erfëllen an der haiteger Zäit och nach wichteg pedagogesch Aufgaben. Mat Ausstellunge kënnen d'Visiteuren iwwer wëssenschaftlech Theemen an Naturschutzfroen informéiert ginn. Zu dësem Zweck sinn ëmfangräich Sammlungen néideg.

D'Vullesammlung vum Musée ass déi gréissten a wichtegst am Land. Dowéinst sollt si onbedéngt fir zukünfteg Generatiounen erhale bleiwen an ënner de beschtméigleche Bedéngunge gelagert ginn.

Source texte: Musée national d'histoire naturelle, Exposition "Geckeg Vullen"; Adaptation graphique pour schouldoheem.lu: Script & Joe Leiner.